Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/08/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landwirtschaft & Wirtschaft weiderzeleeden.

Eng eenzeg Aktiëgesellschaft huet op Basis vun engem Ofkommes mam Staat d'Aufgab sech em d'Déirekierperbesäitegung zu Lëtzebuerg ze këmmeren. Falls z. B. eng Kou oder e Päerd verstiewt, kennen d'Baueren d'Gesellschaft kontaktéiren, déi d'Déier dann innerhalb vun 24 Stonnen (ausser u Feierdeeg a Sonndeger) oofhuele soll. Fir dass d'Entreprise d'Déier méiglechst schnell oofhuele kann, stellt si hier Clienten un, d'Déiren esou ze déposéiren, dass se vun der Strooss aus kënne gesi ginn. Dëst vereinfacht engersäits sécherlech d'Aarbecht vum Asammelen, bréngt aanerersäits awer och eng ganz Rei Onanhemlechkeeten fir d'Clienten an hiert Emfeld mat séch.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi kontrolléiert de Ministère, ob déi virgesinne Frist vu 24 Stonnen och agehaale gett?

2. Wéi vill Reclammatiounen wéins engem verspéiten Asammelen vun Déirekadaver sinn dem Landwirtschaftsministère bekannt?

3. Ass d'Regierung der Meenung, dass d'Viraussetzung d'Déirekadaver noutwënnegerweis mussen esou ze déposéiren, dass se vun der Strooss aus sichtbar sinn, opgrond vu Problemer ewéi Gerochtsbelästegung an Insektebildung sollt oofgeschaaft ginn, an dass d'Déposéiren vun Déirekadaver op oppenen an asichtege Flächen ganz allgemény sollt verbuede ginn?

4. Weess de Minister, wéi vill Déieren an de leschten 10 Joer pro Joer ofgeholl gi sinn?
   Em wéi eng Aarten huet et sech do jeeweils gehandelt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député